

ZESUMMEN ËNNERWEE

10 Tipps fir e respektvollen Ëmgang tëschent Vëlosfuerer a Foussgänger



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

1. Lénks zu Fouss, riets mam Vëlo: Foussgänger sollen sech op der lénker Säit vum Wee halen. Vëlosfuerer sollen sech op der rietser Säit vum Wee halen.

2. Vitesse upassen: Et ass wichteg zu all Moment op ënnerschiddlech Situatioune reagieren ze kënnen an ëmmer d’Kontroll iwwer de Vëlo ze behalen.

3. Ofstand suergt fir Sécherheet: Vëlosfuerer solle beim Iwwerhuele genuch Ofstand zu Foussgänger an anere Vëlosfuerer halen. Foussgänger sollen de Vëlosfuerer och genuch Plaz loosse fir laanscht ze fueren.

4. Schelle virum Iwwerhuelen: Duerch d’Schelle soll de Vëlosfuerer de Foussgänger mat genuch Distanz op sech opmierksam maachen. Esou erschreckt de Foussgänger net, wann de Vëlo vun hanne kënnt.

5. Bléckkontakt: Bléckkontakt zu sengem Géigeniwwer schaaft Vertrauen a Sécherheet. Duerch de Bléckkontakt kann ee sécher sinn, dass ee vu sengem Géigeniwwer gesi gëtt.

6. Moien a Merci: Fir e respektvollt Mateneen dinn e “Moien” an e “Merci” ëmmer gutt.

7. Richtungswiessel ukënnegen: Richtungswiessel vum Vëlosfuerer solle mat entsprechenden Handzeechen ugekënnegt ginn. Duerch kloer Zeeche-sprooch weist de Vëlosfuerer de Foussgänger an anere Vëlosfuerer wat e maache wëll.

8. Haart Musek an Handy vermeiden: Am Verkéier ass et wichteg op säin Ëmfeld opzepassen. Dofir soll ee vermeiden ze oft op den Handy ze kucken oder haart Musek ze lauschten.

9. Den Hond un d’Léngt: Net jidderee weess wéi en Hond reagiert an en Hond un der kuerzer Léngt gëtt jidderengem méi Sécherheet.

10. D’Ëmwelt respektéieren: Vëlosfuerer a Foussgänger sollen näischt an d’Natur geheien.